**Julie – Lübeck – 5. Joer**

**August 2020 – Bern, Schwäiz**



Ech hu mäi SCOPE Exchange am August zu Bern an der Schwäiz gemaach. Vun Ufank un war alles perfekt organiséiert an d'Kommunikatioun huet super geklappt. Doduerch dass déi meescht Lëtzebuerger Däitsch a Franséisch schwätzen, huet een d'Méiglechkeet entweder am däitschsproochege Raum (Bern, Basel, Zürech) oder am franséischsproochege Raum (Fribourg, Lausanne, Genf) säi Stage ze maachen. Bern kann ech nëmmen empfeelen, ech hunn an enger WG mat léiwe Leit gewunnt, dei mech vun Ufank un gutt opgeholl hunn a mir déi beschte Platze gewisen hunn. Och den Austausch mat anere Studéierenden aus deenen anere Stied war flott. Ech hunn léif Léit aus Tunesien, Portugal, Rumänien an der Belsch kennegeléiert. All Weekend hunn d'Schwäizer Studéierend Ausflich duerch d'ganz Schwäiz organiséiert. Sou ware mir eng Kéier bei de Rheinfall an awer och vill wanderen. Ideal ass natierlech och, dass ee „Generalabonnement" bezuelt kritt, domat kann ee gratis mat Bus an Zuch duerch déi ganz Schwäiz fueren! Och si vill Zuchlinnen do mat abegraff, déi bis erop an d'Bierger fueren.

Bern ass Stad vun idealer Gréisst, et gëtt vill do ze kucken an am Summer si Samschdes déi meeschte Muséeë souguer gratis. Mäin perséinlechen Highlight war den „Aareschwumm", dat ass d'Traditioun vun den Berner sech bei guddem Wierder an hire stralend bloe Floss, d'Aare, ze werfen an sech einfach dreiwen ze loossen. Eng herrlech Ofkillung!

De Stage huet mir och super gefall. An der Urologie am Inselspital gouf ech gutt am Team opgeholl, ech misst ni bei der Statiounsaarbecht hëllefen a konnt mech ëmmer fräi entscheeden op Sprechstunde, TUR-OP oder OP, wou ech oft als éischt Assistentin um Dësch stoung. Genial hunn ech och déi nawell almoudesch Kittele fonnt, déijéineg déi d'Serie „Charité" gesinn hunn, wësse vu wat ech schwätzen! Den eenzegen Nodeel: d'Schwäizer schaffe gären, sou war et üblech, dass ech bis 17.00/17.30 Auer geschafft hunn. Trotzdeem kann ech de Stage an der Schwäiz nëmmen empfeelen.